



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister, un den Här Bausseminister, un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Minister fir nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

Eng vun deene grouse Suergen an der internationaler Politik ass d'Proliferatioun vu Massevernichtungswaffen (nuklear, biologesch oder chemesch Waffen) an hire Virleeferproduiten. Et soll och verhënnert ginn, datt net vertrauenswierdeg Staaten oder net-staatlech Acteure kënnen an de Besëtz vun deenen néidege Vecteuren (Deeler vu Rakéiten, Equipementer vu Laboratoiren, a.s.w.) kommen, fir esou Waffe kënnen ze produzéieren oder anzusetzen, och wann et Equipementer sinn déi gläichzäiteg fir zivil Zwecker kënnen benotzt ginn.

D'Reputatioun vu Lëtzebuerg hänkt mat dovun of, datt déi néideg Kontrolle bei eis mat där néideger Seriositéit an Zouverlässegkeet gemaach ginn. An engem Land, datt säi Logistikberäich kontinuéierlech ausbaut (Loftfracht, Schinneverkéier...), mussen déi zoustänneg Administratiounen zu all Abléck iwwer genuch a gutt forméiert Leit verfüge fir datt et net zu engem Sécherheetsdefizit an esou engem kruziale Beräich vun der Sécherheitsarchitektur kënnt.

Dowéinst wollt ech deenen Häre Ministeren dës Froe stellen:

- 1) Ginn déi aktuell Gesetzer duer, als legal Basis fir staatlech Interventiounen an deem Beräich? Huet Lëtzebuerg all pertinent international Texter ratifizéiert? Wann net, wéini wëll d'Regierung der Chamber déi néideg Projete virleeën?*
- 2) Wéi ass Lëtzebuerg an deenen internationale Gremie vertraueden déi sech ëm déi do Problematik këmmere, z.B. am Australien-Grupp an an ähnleche formalen an net-formale Staategruppen? Ass Lëtzebuerg an all deene relevanten Organisatioune vertraueden an och regelméisseg präsent?*
- 3) Stëmmt et, datt de Personaleffektiv vun der Douane an deene leschte Jore kontinuéierlech erof gaangen ass? Wéi vill Leit waren an de Joren 2010 bis 2017 pro Joer bei der Douane beschäftigt an a wéi enge Carrièren ?*
- 4) Wéi vill Leit goufe pro Joer bei der Douane fir d'Net-Proliferatioun forméiert? Wéi vill Leit (och pro Joer) maachen effektiv Kontrollen an deem Beräich?*

- 5) *Gëtt et bei der Douane genuch Leit déi sech fir déi Problematik interesséieren a bereet sinn eng Formatioun matzemaachen an am deem Beräich ze schaffen?*
- 6) *Wéi eng Roll spillt den Office des Licences an deem Beräich a wéi eng Mëttele stinn him zur Verfügung fir déi Missioun ze erfëllen?*
- 7) *Gëtt bei all Bauprojet am Beräich vun der Logistik, z.B. um Findel oder bei der Eisebunn, den Aspekt vun der Net-Proliferatioun am viraus gepréift a mat beduecht fir eng effikass a systematesch Kontroll vun de Wueren an der Fonctionnementsphas ze garantéieren?*
- 8) *Wéi fonctionnéiert d'Zesummenaarbecht tëschent der Douane an deenen aneren Administratiounen am Beräich vun der Net-Proliferatioun? Ka si zu all Abléck an ouni Ëmweeër op d'Expertise an d'Kompetenze vun anere Staatsverwaltungen zrëckgräifen, z.B. am Beräich vun der Radioprotektioun oder der Terrorbekämpfung?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten